Siddeléng a schwéier Zeit



RAD / KHD 2ten Deel Méderchen

Beim Thill's Irène war ~~déi~~ d'Zwangsverschlifung an den RAD a KHD nach ~~Kobahof~~ ohni ze vill grosse Schued ofgelaf. Bei aner Méderchen gong et net esou gud. Eso erziellt de Francis Steffen a sengem Buch "Die geopferte Generation", d'Schicksal vun 2 aner Méderchen déi net eso vill Chancen haten wéi eis Zeitzeien:
D'Maisy gow den 8ten November 1943 an den RAD agezun an huet do missen 7 Mént an enger Bauerefamill vun 11 Personnen d'Mod spillen.
Dono kum d'Zwangsrekrutéierung an den KHD, a d'Schaffen an enger Rüstungsfabrik zu Menden am Kreis Iserlohn.
No 3 Wochen an der Fräserei gung sei Méschter sech bei de Personalchef bekloen, dat d'Maisy géif sei Soll net erfüllen an hien kent et dofir net gebrauchen. (Natierlech war d'Maisy net begeeschtert fir "d'Gross Deutsche Reich" ze schaffen.
An d'Bauerei versat, ~~do~~ én ähnlech Senario. De Méschter beklot: all Abléck e Bauer gefrach an all véirel d'Stonn op d'Toilett.
Iwerobber hi kum et an d'Schwéisserei wo de Méschter voll Stolz d'golde Parteiofzéche gedroen ~~hat~~ an dem Maisy d'Liewen zur Hell gemach huet bis et dann hätt kennen den 30ten Oktober 1944 entlos gin.
Awer scho bal 2 Mént virdrun war Lëtzebuerg frei an un en Heimkommen duerch d'Front war net ze denken.
Wat machen? Wo enneday kommen? a mat wat den Honger stellen!
Et ass him selbo soss neischt iwreg bliwe wei als Arbechter an der Rüstungsfabrik zesummen mat nach engen aneren Lëtzebuerger Médchen d'Julie weider ze schaffen.
Gewunnt a gehaust hu sie an engem ~~Raum~~ Zëmmer vu engem RAD Lager an der Noperschaft.
Depiwer ennert dem Druck vum Nazi-Méschter misse schaffen an Nuets net kenne wéinst dem Fliegeralarm schlofen, well pünktlech a regelméisseg waren d'Alliéiert Flieger mat hire Bommen iwert dem Ruhrgebiet.

Kreschtdag an Neijohrsdag ~~sin~~ vergaang, ofgeschnidde vun der Heemecht, ouni richteg Nouvelle vun doheem, leidstens d'Siegesmeldungen vum Ufank vun der Rundstedtoffensiv. Dunn ~~den~~ den fréie Muergen vum 1te Februar 1945 d'Bombardéierung vu Menden. Esobal dei éischt Bomben op d'Lager gefal waren konnt nach just d'Maisy sech an de Luftschutzraum retten, während d'Julie de Wé net mei bis dohinne packt.

Wei nom Bommenugriff d'Leit sech nees aus dem Bunker erausgetraut hun bate sie e schrecklecht Bild virun den A'en. Alles zerstéiert, d'Baracken wei ewech geblosen d'Haiser komplett oder deelweis zesumme gefal. – Vum Julie keng Spur – No enger Zeit gett d'Maisy gewuer dat d'Julie schwéer verwond am Spidol laït. De lénke Bak opgeraff, d'Zänn erausgerass an de Mond ganz eriwwer gedréckt. Hei konnt d'Maisy net hëllefen an huet sech misse mat den Opraumaarbechte bedeelegen: Verwundter ~~aus~~ den ennert de Steng erausbuddelen. Dei Dodeg op e Kopp droen, ofgerasse Bén an Ärm asammelen. Wé et bei alldém dem Maisy zu Mut war, wei sei Bauch ~~reagéiert~~ sech gedréit ~~huet~~ a wei ~~seng St~~ sein Hals sech zogezunn huet kann e sech lecht virstellen.

Nomettes huet hat et net mei am Chaos ausgehalen – et huet misse bei d'Julie an d'Spidol. An hei war et nach schlemmer wei et ufangs informéiert gi war. D'Julie hat net nemmen de Bak an de Mund zerfetzt kritt, mei och de lénken Arm 2x gebrach an ~~sa~~ dä Bén voll Flésch wonnen.

Wei d'Maisy dem Julie sái gesot huet – denecht et, et dass vir d'éscht!

Awer d'Liewen ass weidder gangen! D'Maisy fond ~~alt nach~~ erem en Zemmer an engem halwen zerstéiertem Haus a vu 6 Auer u Muergen, 12 ~~Stonnen~~ Stonne laang gouw an der deelweis zerstéierter Fabrik weidder op 2 Schichten zu 12 Stonne geschafft. D'Julie ass net gestuerwen! Au contraire: knapps erem op de Bén huet hat am Spidol seng Platz machen fir mei schwéier Verwondter an huet erem zesummen beim Maisy gewunnt.

Hei aus do gi sie owens zesumme spazéieren, bis sie engs Dags vun engem

Fliegerugreff iwwerascht gin. Enzég Rettung, flach um Buedem leie bleiwen ~~an~~ ofwarden a bieden dass keng Bomm sie trefft. Ronderem rabbelt a Kracht et, Heiser falen zesummen. Splitter schloen niewend hinnen an. De Stepps mecht se blann. No 20 Minuten ass et eriwwer a béid Medercher fale sech um ganze Kierper zodderech an d'Tréinen dei d'Baken erof lafen, em den Hals.

Dem Julie seng Nerven si komplett um Enn an et schwiert net méi aus dem Haus eraus ze goen. Fir net de Wé vun der Wunneng op d'Arbecht missen ze machen an engem Fliegerugreff ausgesat ze sin, schléft d'Maisy an engem Zemmer ~~Raum~~ an der Fabrik.

D'Opstänn ~~an d~~ leschend de Fliegeralarmen ~~gett~~ gin emmer méi kléng an d'Bombardementer huelen vun ~~Dag~~ Dag zu Dag zou. Schliesslech kann net méi an der Fabrik geschafft gin an d'Maisy gett gezwongen an enger net weit entfernter ennerirdescher Polferfabrik ze schaffen. Hei sëtzt et do Waartgetrei op engem Polferfass wat all Ablick vun enger Bomm an d'Luft gesprengt ka gin. Gottseidank huet des Period nemmen 3 Woche gedauert bis ~~ob~~ d'Amerikaner eso no waren, dass och hei net méi geschafft ~~gin~~ konnt gin.

Keng Arbecht, keng Wunneng an eso kummen ~~dei~~ zwé Medercher an é mat Pickegem Droht zougemate Gefangelager fir Russen. Wann och launert pickegen Droht awer wéinechstens en Dag iwwert dem Kapp, och wann desen Dag andauernd duerch Bombardéierung ~~an~~ a preisesch Kanounen opselen gezodert huet.

D'Fronte kommen emmer méi no a schliesslech sëtze sie mat den deutschen Zaldaten an engem Kessel, an dem och Badoglio Italiener als Gefangener zenter dem 25 Juli 1943 zesumme gedriwwe waren. Des gowe gezwongen Schützegriew eraus ze werfen ~~an dei fir Schützegriew eraus zewerfen, gezwonge~~ gowen. Enges Dags huet ch d'Maisy net méi am Lager gehalen an et ass mat den Italiener eraus gange fir un de Schützegriew ze schaffen. Awer d'Fronte ware bal eso no an d'Schléisen eso no bei, dass ~~hier~~ dei preisesch Zaldote dei op sie sollten oppassen selwer gesot hun: Mach dach wat du wëllt,! Mir ~~gin och~~ verdrécken eis och.

4/1

Wohin aber? Wann zou den Alliéierten, ~~dann~~ ~~da~~ mus et der Front entgéingt goen. An enger Villa an éngem Park gett iwwernuecht. Hei leien och deitsch Frontzaldoten. D'Maisy erklärt dass hat hém no Lëtzebuerg wëllt goen a schliesslech wellegen ~~d'Zald~~ e puer Zaldoten an et mat an d'fixt Frontgebuelen. Hei klemt et ennert dem pickegen Drolt eduerch a léft op en Duerf nobei zou. Komesch dénkt hat, dat hat hat nach nie gesinn. Aus alle Fensteren hänken weiss Dicher. E Man dén hat begéingt erklärt him dass et zou ~~Fr~~ Freudenberg wir an et soll an engem Bunker warden bis d'Amerikaner do wären. Awer de Bunker war eso voll dass ~~hat~~ sie hat emol net era gelos hun an eso wärd hat bei der Agangsdier.

A schons kummen nës Zaldoten. De Schréck schlët dem Maisy an fladder! Wat machen? Zwei Man en engem klingen ~~A~~ offenem Auto kommen op hat duer. Dén én en ^(enterer) Telefonshörer an der Hand, dén aneren eng Maschinepistol op hat gericht. Elo gin him d'Aën op: Dat si jo kéng Preisen: dat sin d'Amerikaner a mat eso engem klingen Auto wellen dei de Krich gewannen gëtt et him duerch de Kapp. *

~~Séng Schoulkenntnisse~~ ^(Säi Schoulenglech) zesummen sichen ^(gëtt et op d'Jeep duer an) erklärt ~~hat~~ ~~deng~~ 2 GI's dat hat Lëtzebuerger wär an hém wellt ^(goen). Wann den Zoufall et wellt waren dei zwei zou Lëtzebuerg am Priesterseminär aquartéiert, lossen d'Maisy an d'Jeep klammen an fuelen hat mat zeréck bei hieren Offizéier. Och ^(hien) dei war zou Lëtzebuerg, ^(a sët:) dat wäre ^(emol) fei Leit a du gow et ~~emol~~ Schockola, e puer Béchsen an Zigaretten. D'Maisy hat awer nach nie gefemmt an déi écht Camel huet hat äller housche gelos.

Stenterlech fänken d'Preisen nës mat engem Trommelfeier un an alles meldt sech an Deckung. No 2 Stonnen wéi d'Schéissen ophält weist den Offizéier e seng Zaldoten dem Maisy de Wé zeréck an dat nächst Duerf wo eng Bauerefamill him erlaabt an der Schéier ze schlofen. Muerges am Duerf wat voll ^(alliéiert Zaldote) ~~Amerikaner~~ leit, kritt d'Maisy ~~bei~~ ^(an) der Zaldote Kichen warme Kakao - Mellech vun de preisesch Kéh a Kako Made in USA. - Hei begéingt et och e puer Italiener ~~dei~~ bei dénen et war fir d'Schütze griew auszewerfen. Mat hinnen a mat dë Hëllef vun den Amis gett d'Route festgeluecht Richtung Westen. ~~Am~~ ^(Och) nächsten Duerf si voll mé Leit wé Duerfbewunner. Massech ~~Zald~~ ~~amerikanesch~~ ^(englesch) Zaldoten, awer och nach Italiener an och fransesch ^(~~gewiesene~~) Gefangener

wéi d'Maisy sech hun erzielt [illegible]

déi um ~~Heim~~ Wé zeréck an d'Frankreich waren. A wéi den Zoufall et wellt och e Lëtzebuerger. Harry war säin Numm. D'Maisy an d'Julie haten hien zou menden kenne geléiert, wo' hien als Automeschaniker mat engem mat Holzkuele fuerenden Auto "dienstverpflicht" war. D'Maisy erzielt him wat mam Julie geschitt war a kuerzer Hand décidéiert hien, dést Lëtzebuerger verwandte Medchen, ~~verwandt~~, net alléng hei am Chaos an Deitschland ze lossen; a wann d'Maisy hei am Duerf e puer Déig géng warden géif hien zeréck goen, d'Front war jo an der tëschend Zeit vìru geréckelt an dom Julie sichen. An tatsächlech ~~no~~ dén aneren Dag Nomëttes komme se allebéid zeréck ~~an Duerf~~ bei d'Maisy an Duerf.

Elo ware sie zou drei déi sech op de Wé no Lëtzebuerg gemat hun.

Awer et gowen vill Schwierigkeeten – De Krich war nach net eriwwer an dofir krute sie och vun dem zoustännegen englischen Kommandaten keng Reiserlabnes mat natierlech dénen notwendege Papeieren. Allerhand Tricke an ohni Erfolg ugewand gin, a schliesslech gow décidéiert dann ewer sech ohni Papeieren op de Wé ze machen. Op enger Landkaart gow d'Route festgeluecht ~~an~~ awer ohni d'Haptstrossen ze benotzen déi jo voll Militär waren.

Op Emwéen komme se op Koblenz. – Awer wéi iwwert de Rhäin kommen. All Bréck gesprengt an déi ~~gefléckt~~ oder vu Pionéier gebaut waren ausschliesslech fir d'Militär. Vun all dene Leit an Zaldoten déi sie gefrot hun, wéi iwwert d'Waasser ze kommen, krute se schliesslech de Rot op Kehl bei Strosbuerg ze goen hei wär nach déi ëal gross Rheinbréck intakt.

Kehl bei Struesbuerg! dat léit also laanscht Lëtzebuerg erof en Emwé vun e puer honnert Kilometer. Awer wat machen, egal wé, mir mussen hém. Also zou Fuess, och emol e puer Kilometer op engem Bauerewon mat gefoll. A Scheieren an Ställ iwwernuecht. A wo et gung, bei Zivil Leit oder an ~~bei~~ Zaldote Kichen eppes fir ze iessen gebiedelt.

A Gléck am Onglëck soll jo awer jiddereen hun. An eso ~~begegen~~ begenge se op enger Landstross an der Pfalz engem Auto dén do a Pann stéht. De Chauffeur en Zaldot knéckelt ënnert dem oppenen Kapo, während säi Chef e franséische Generol nervös an der Stross

op an of gëtt. Den Harry fiert op hien kaum Lölleffen, an andiems hien no der Ursaach vun der Pann sicht erziele d'Médercher dem Generol, op Fransesch verstéit sech wéi sie sin, firwat sie an Deutschland waren an dass sie ennerwé fir héim wären. An tatsächlech fennt den Harry als geléierten Automechaniker d'Pann, den Motor spréngt nës un an den Här Generol kënt nës weidder fueren. Awer och e Merci huet hien fir déi 3 Lëtzebuerger. Um Weg vum Auto fällt hien e "Laisser-passer" fir déi 3 aus, hält dann och nach en Ambulanzwon un an ugfot verdeit de Chauffeur déi 3 Personen zu Mannheim / Ludwigshafen iwwert d'Rhäinbréck ze féieren.

Gottseidank! Dat nergst Hindernis huet lannerem hannen. Iwwert Kaiserslautern geng et op Weissenthurm. Hei gow eng lescht Nuecht am Stall bei de Ké' geschlof. Dën aneren Dag komme se bis deisent Wasserbelleg an mat Tréinen an den Aaen gëtt et iwwert d'Mauselbréck.

Et war géngt 4 Auer: endlech erem doheim!

Beim Café Frieden bei der Bréck kenne se net laascht goen. Ed muss e lëtzebuerger Humpe kréien vot der Harry. An eso gud och déi éischt Schluffe geschmaacht hun gow et dénen 3 hirt Verhängnis.

Amerikanesch Grenzposten kommen eran an trotz alle Protesten gin eis 3 mat zeréck op Tréier geholl. Am Auslännerlager um Petersberg gi si sequestréiert fir hei all bürokratesch a gesondhéitlech Formalitéiten ze erlédegen. Wäre se dach nemme viru gaangen an net un e lëtzebuerger Humpen gedaacht.

De Ménden an den Dënschdeg gin eriwwer ouni dass epper geschitt.

Mettwochs kam d'Maisy net mé an erleit en Nervenzesummebroch. Et war zevill zevill moralesch a kierperlech Belaaschtungen an et huet ze lang gedauert.

Donneschtens den 28 Abrël 1945 kennt dann endlech d'lëtzebuerger Militärmissioun an d'Lager an hellt déi 3 mat héim.

D'Julie huet sech nie richteg vu senge Verwondungen erholl a speziell d'Kappverletzung huet him ze schaffe gemaacht. Mä och d'Nerve konnte sech jorelang net berouegen an all Nuets waren d'Cauchmare vu Bombardementer a Fliegerangreff do.

1974 war em Julie säi Leiden um Enn an och d'Maisy ass net méi ënner eis. →